



MATDEELUNG UN D'AWUNNER

CORONA-VIRUS // COVID-19

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Fir d'Ausbreedung vum Coronavirus ze begrenzen leet d'Gemeng Mäerzeg jidderengem un d'Häerz, **d'sozial Kontakter op de strikte Minimum ze begrenzen.**

D'Gemengeservicer gi weiderhin assuréiert zu den normalen Öffnungszäite vun der Gemeng, d'Verwaltung bleiwt awer zou fir de Public.

D'Servicer sinn ereechbar via E-Mail (commune@mertzig.lu) an Telefon:

- | | |
|--|---------------------|
| - Bureau de la Population / État civil | Tél. 83 82 44 - 312 |
| - Recette | Tél. 83 82 44 - 321 |
| - Secrétariat | Tél. 83 82 44 - 311 |
| - Service technique | Tél. 83 82 44 - 341 |

Mir bieden Iech **nëmme fir dréngend Demarchë** ee Rendez-vous ze froen. Zertifikater an Dokumenter ginn Iech per Post respektiv per E-mail zougeschéckt esouwäit dat méiglech ass. Vill Demarchë kënnen och online op www.mertzig.lu oder www.guichet.lu gemaach ginn.

Am Kader vun der "Enquête publique" vum PAG kann all intresséierte Bierger e Rendez-vous fir d'Consultatioun vun den Dokumenter froen, déi och all op www.mertzig.lu/pag-mertzig disponibel sinn.

All Evenementer a Reuniounen an der Gemeng sinn annulléiert.

Bis op Weideres sinn och d'Spillplazen, d'Schoulhäff an d'Sportinfrastrukturen zou fir jiddereen.

D'Matbierger déi zu enger vun de Risikogrupp gehéieren an déi kee Familljemember, Bekannten oder Noper hunn fir ze hëllef, kënnen sech am äusserste Noutfall un d'Gemeng richten.

D'Gemeng Mäerzeg huet eng Kollaboratioun mam Service "Repas sur roues" vu Servior (www.servior.lu). De Service ass aktuell saturéiert. Weider Kapazitéiten sollen awer sou séier wéi méiglech geschaf ginn.

Enregistréiert w.e.g. och Är Handysnummer op www.sms2citizen.lu. Iwwert dëse Service kann d'Gemeng Iech wichteg an aktuell Informatiounen via SMS schécken.

Mir soen Iech Merci fir Är Hëllef am Interessi vun der Gesondheet an der Sécherheet vun eis alleguerten.

De Schäfferot



AVIS AU PUBLIC

CORONA-VIRUS // COVID-19

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Afin de limiter la propagation du virus COVID-19, la Commune de Mertzig vous prie de bien **vouloir limiter les contacts sociaux au strict minimum**.

Les services communaux seront assurés pendant les heures d'ouverture normales, tandis que les bureaux de l'administration resteront fermés au public.

Les services sont joignables par courriel (commune@mertzig.lu) et par téléphone:

- | | |
|--|---------------------|
| - Bureau de la Population / État civil | Tél. 83 82 44 - 312 |
| - Recette | Tél. 83 82 44 - 321 |
| - Secrétariat | Tél. 83 82 44 - 311 |
| - Service technique | Tél. 83 82 44 - 341 |

Les citoyens sont priés de fixer un rendez-vous que pour les **démarches administratives absolument nécessaires**. Dans la mesure du possible, les certificats et documents vous seront envoyés par voie postale ou par courriel. Bon nombre de démarches peuvent être effectuées en ligne via www.mertzig.lu ou www.guichet.lu.

Dans le cadre de l'enquête publique du PAG, toute personne intéressée peut prendre un rendez-vous pour la consultation des documents qui sont également disponible sur www.mertzig.lu/pag-mertzig.

Tous les événements et réunions dans la commune sont annulés.

Jusqu'à nouvel ordre, les aires de jeux, cours de récréation et infrastructures sportives sont fermées au public.

Les personnes à risque n'ayant pas la possibilité de demander de l'aide à un proche de la famille, un ami ou un voisin peuvent s'adresser à la commune en cas d'urgence.

La Commune de Mertzig est partenaire du service « Repas sur roues » de Servior (www.servior.lu). Le service est actuellement saturé. De nouvelles capacités seront mises en place dans les meilleurs délais.

Pensez à enregistrer votre numéro GSM sur www.sms2citizen.lu. Grâce à ce service, la commune pourra vous communiquer des informations importantes et actuelles par SMS.

Nous vous remercions pour votre collaboration dans l'intérêt de la santé et de la sécurité de nous tous.

Le Collège des Bourgmestre et Échevins